N° 4075
Entrée le 08.05.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 08.05.2026
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Mee 2026

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Héichschoulminister weiderzeleeden.

D'Kompatibilitéit vun Héichschoulstudium, Schwangerschaft an Eltereschaft stellt fir vill Studentinnen a studéierend Eltere weiderhin eng grouss Erausfuerderung duer. Studienënnerbriechungen, Retarden am Studieverlaf oder souguer Studienofbréch opgrond vu Schwangerschaft oder Kannerbetreiung kënnen negativ a laangfristeg Auswierkungen op déi berufflech Perspektive vun de concernéierte Persounen hunn.

Verschidden europäesch Länner hu schonns geziilt Moossnamen agefouert, notamment flexibel Studiemodeller, adaptéiert Prüfungsmodalitéiten, Kannerbetreiungsofferen oder spezifesch Ënnerstëtzungsstrukture fir schwanger Studentinnen a studéierend Elteren. Och zu Lëtzebuerg gewënnt dëse Sujet progressiv u Bedeitung.

An deem Kontext géife mir der Madamm Minister gäre follgend Froe stellen:

1. Verfüügt den Héichschoul- a Fuerschungsministère iwwer konkret an detailléiert Donnéeën zur Situatioun vu schwangere Studentinnen a studéierenden Elteren zu Lëtzebuerg, besonnesch am Hibléck op Studienënnerbriechungen, Studienofbréch, Retarden am Studieverlaf oder Studienerfolleg?

2. Wéi eng konkret Ënnerstëtzungsmoossname bestinn aktuell op der Universitéit Lëtzebuerg an an aneren tertiäre Bildungsariichtunge fir schwanger Studentinnen a studéierend Elteren (z.B. flexibel Studiemodeller, individuell Begleedung oder Kannerbetreiungsofferen)?

3. Plangt d'Regierung zousätzlech Moossnamen, fir d'Kompatibilitéit vun Héichschoulstudium, Schwangerschaft an Eltereschaft weider ze verbesseren, notamment duerch den Ausbau vu Kannerbetreiungsofferen, méi flexibel Studiemodalitéiten oder spezifesch Ënnerstëtzungsprogrammer?

Mat déiwem Respekt,

Tom Weidig
Deputéierten

Alexandra Schoos
Deputéiert

Dan Hardy
Deputéierten